

ESCHER GEMENGEROT



Parking Place de la Résistance



Séance du Conseil communal du
vendredi 3 décembre 2010

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseillers absents:

M. Daniel Codello – M. Pierre-Marc Knaff

Ordre du jour

	Page
Réunion à huis clos	
1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision	
Réunion publique	
2. Information au public des décisions de personnel	4
3. Correspondance	4
4. Pacte d'intégration pour la Ville d'Esch-sur-Alzette: présentation; décision	4
5. Office social:	11
6. CIGL:	12
7. Règlement d'ordre intérieur du conseil communal; décision	14
8. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision	13
9. Dénomination de rues; décision	16
10. Commissions consultatives: modifications; décision	17
11. Contrats de bail; décision	17
12. Impôt foncier: relevé et rôle principal 2010; décision	17
13. Subsides extraordinaires; décision	17
14. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision	18
15. „Désisioun duerch de Gemengerot iwwer d'Scolarisatioun an Esch vu Kanner aus anere Gemengen“: motion; décision (point mis à l'ordre du jour par M. Aly Jaerling)	18
Résumé en français de la séance du Conseil Communal du 03 décembre 2010	21

**Sëtzung vum Escher Gemengerot
Freideg, den 03. Dezember 2010**

2. Information au public des décisions de personnel

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Sou, ech géif lech da proposéieren, dass mer mat der öffentlecher Sétzung ufänken. Mir hunn elo grad am Huis clos déi Froen duerchgeholl ronderëm d'Personal déi mer mussen, déi lech alleguerte matgedeelt ginn.

A) Démission.

Démission de Madame Diane Mangen, employée communale affectée au service des relations publiques.

B) Nomination provisoire.

Nomination provisoire d'un rédacteur de la Ville. Les affectations auront lieu au service des citoyens (grade de début de carrière: grade 7) : Sven Wollscheid

C) Promotions

Carrière de l'ingénieur.

1) Promotion avec effet au 1er mars 2011 de Madame Janine Bisdorff aux fonctions d'ingénieur chef de division (grade 15).

Carrière de l'expéditionnaire administratif.

Promotion avec effet au 1er janvier 2011 de Madame Nadine Michels aux fonctions de commis principal (grade 8).

D) Question de personnel (agent engagé sous le régime de l'employé communal).

1) Engagement à plein temps et à durée indéterminée d'un employé communal pour le besoins du service de la sécurité sociale : Géraldine Pradier

2) Occupation des emplois d'assistant social créés par décision du conseil communal du 24 septembre 2010 : Linda Schranck

E) Sanction disciplinaire à appliquer.

Décision du conseil de discipline du 9 novembre 2010 de laquelle il résulte que la peine disciplinaire de la révocation est à appliquer à l'égard d'un fonctionnaire de la Ville.

Aly Jaerling (Indépendant): Jo, zum Ordre du jour. Ech mengen ech hunn lech dat jo scho schrëftlech eraginn, dass alt erém eng Kéier eng Deliberatioun vun engem Conseiller déi gefrot ginn ass, als leschte Punkt steet, wou mer eis awer eens waren, dass mer déi géifen awer net hannehi setzen, mä zumindest vir oder an d'Mett géif ech dann awer elo eng Modifikatioun vum Ordre du jour froe fir meng dee Punkt deen ech op den Ordre du jour setze gelooss hunn, méi vir ze huelen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Här Jaerling mir hunn haut e Programm vu 15 Punkte wou mer zimlech sécher sinn, dass mer net ze laang dobäi sätzen. Äre Punkt kënnt also realistesch an zu enger gudder Zäit drun. Dovunner ofgesi war de Punkt schonn an enger Diskussioun hei am Gemengerot. Et ass also déi zweete Kéier dass mer drïwwer schwätzen. A mir hunn dofir dee Punkt heihi gesat a wëllen och dass en do soll stoe bleiwen.

Sou, da kéime mer zur Ofstëmmung zu der Propositioun vum Här Jaerling fir sái Punkt méi vir op den Ordre du jour ze huelen. Wéi ass d'Froestellung? Ween den Ordre du jour wëll bääibehalen, ass Jo. A ween den Ordre du jour wëll änneren, ass Nee. Au vote.

Conseillers présents:

Mme Jeanne Becker – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Le Conseil communal décide par 10 voix oui et 1 voix non de ne pas modifier l'ordre du jour.

Ont voté oui: Madame le bourgmestre Mutsch, l'échevin Hinterscheid ainsi que les conseillers Becker, Hannen, Hildgen, Huss, Maroldt, Roller, Weidig et Wohlfarth. Le conseiller Jaerling a voté non.

3. Correspondance

4. Pacte d'intégration pour la Ville d'Esch-sur-Alzette; présentation et décision

Sou, da kéime mer zu eisem Haaptpunkt haut um Ordre du jour, dat ass de Pacte d'intégration dee mer fir eis Stad Esch ustriewen. Mir sinn do eng vun deenen éischte Gemengen déi an déi Richtung geet fir esou e Pacte d'intégration ofzeschléissen. En huet dann och de Charakter vun engem Projet pilote a mir hunn och e Partenariat fir dee Pacte d'intégration an dat ass d'Agence interculturelle vun der ASTI.

Elo huet een natierlech wann ee wëllt e Pacte d'intégration fir seng Stad oder fir seng Gemeng ofschléissen, huet een zwou Méiglechkeeten. Entweder et hëlt een e Schréftstéck an et kuckt ee per Dekret dass dat Schréftstéck an déi enzel Servicer a bei déi enzel Associatiounen um Terrain weider gerecht gett. Oder et huet een d'Méiglechkeet, esou wéi et hei gemaach ginn ass, et probéiert een dee Pacte d'intégration esou opzestellen, dass vu vireran all déi potentiel Acteuren, déi bei der Mise en oeuvre vun deem Pacte d'intégration herno mussen agebonne sinn, dass déi e mat ausschaffen. Dat ass de Wee deen d'Stad Esch gaangen ass. Vu viera war et mol eng Absichtserklärung déi mir gekläert hu mat der Agence interculturelle vun der ASTI a mir hunn eis och do engagéiert, dat ass de Basisengagement dee mir agaange sinn, fir Aktivitéiten a gemeinsam Actionen um lokale Plang ze maachen déi d'Integratioun vun den Net-Lëtzebuerger favoriséieren. Fir d'Treffen, d'Begéine vu Lëtzebuerger mat Net-Lëtzebuerger och ze begënschtegen. Well mir stellen émmer erém fest, dass déi zwou Kommunautéiten zum Deel laanschteneen an net genuch matenee liewen. An och fir ze hëllefien an ze énnerstëtzen déi Strukturen déi entweder schonn en place sinn oder nach komme fir Aktivitéité ronderëm d'Integratioun vun Net-Lëtzebuerger hei zu Esch an d'Luucht ze setzen an ze begënschtegen.

D'Objektive sinn natierlech déi déi mer mat allen Aktiounen verbannen. Dat ass fir eng besser Integratioun vun den Net-Lëtzebuerger hei zu Esch ze kréien. A wa mer wéissen, dass mer bei ronn 54% Net-Lëtzebuerger hei zu Esch leien, dann ass dat mengen ech net ze gesinn als klenge Gest oder als kleng Démarche mä als riseg riseg politesch

An ech hunn eng Wuertmeldung vum Här Jaerling wahrscheinlech zum Ordre du jour.

Prioritéit. Zum zweete welle mer duerch participativ Projete ganz Administratiounen an och lokal Acteuren encouragéiere fir sech an deem Prozess ze engagéieren. An natierlech eng permanent Sensibiliséierung fir de Mateene virhuelen. Dat ass also de Basisengagement dee mer geholl hunn.

Wat erlischernd bei där ganzer Démarche dobäikomm ass, ass natierlech d'Tatsaach dass iwwert de Billet vum Office luxembourgeois d'accueil et d'intégration, den OLAI, de Ministère de la Famille vu vireran als potentielle Partner mat erageklommen ass an och d'Absicht huet fir beim Aktionsprogramm dee mer hinnen och, nodeem mer den Aval hei kréien, wäerte virstelle goen, bereet ass bei bis zu 50% vun den Aktioune finanziell mat eranzeklammen. Dat, mengen ech, ass eng ganz wichteg Absichtserklärung vu Säite vun der Regierung déi domat och weist, dass se d'Gemengen énnertstëtzt bei hirem wichtegen Engagement.

Wat heescht dee Partenariat mat der Agence interculturelle vun der ASTI? Majo, d'ASTI ass bereet hire Savoir-faire an och hir Ressourcen an deen dote Projet mat eranzbréngen. An déi ginn natierlech och dann an deem Pacte do ganz am Detail ausgeluegt an et kënnt och e ganz geneeën Décompte financier, well déi bescht Partnerschafte sinn déi wou och den Engagement an déi finanziell Participatioun präzis sinn.

Eng Kollaboratioun déi natierlech op der Hand läit an déi hei zu Esch eng evident Kollaboratioun ass, ass déi mat der Commission d'intégration des étrangers. Mir hunn hei d'Chance zu Esch, dass mer eng ganz aktiv an dynamicsch Integratiounskommissioun hunn. Mir hunn och en interne Groupe de travail, wou natierlech och de President vun der Integratiounskommissioun matgeschafft huet. A mir hu virun allem, an dat war dat wat ech agangs gesot hunn, mir hu virun allem probéiert en interaktive Projet op d'Been ze stelle wou vu vireran all déi Servicer vun der Gemeng déi ronderem déi Thematik vum Mateneen téscht Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger dréien, an dat si se eigentlech bal allegueren, dass mer déi mat agebonnen hunn an zustane komme vun deem Pacte a vum Plan d'action.

Prioritar hunn awer matgeschafft énnert der Gesamtkoordinatioun vun der Egalité des chances – an do soen ech och der Madame Spautz als Egalité des chances Responsabel

Merci, well dat am Fong eng gutt Zesummenaarbecht war – d'Koordinatioun huet geholl de Service Egalité des chances a matgeschafft hunn de Coordinateur culturel mam Service culture. All kulturell Institutiounen vun der Stad Esch. Mir wëssen, dass Kultur e formidabelen Integratiounsträger ass, formidabelen. De Service des sports, wou och eng enorm Dynamik ass an eigentlech kann een zum Sport genee datselwecht soe wéi zu der Kultur, iwwer Sport a Kultur mécht sech d'Integratioun op eng natierlech Aart a Weis um Terrain, esou wéi mir et eis hei erwaarden. De Service Jeunesse, eis Maisons Relais, eise Service scolaire, eist Biergeramt, Relations publiques mat all deene Servicer déi elo net spezifesch an deem Grupp matgeschafft hunn, mä déi awer informéiert sinn iwwert deen heite Prozess an och dowéinst mat agebonne waren.

Wee sinn eis Groupes cibles? Ma dat ass ganz einfach. All Escher. All Escher sinn eis Groupe cible. Ob Jonker oder manner Jonker, ob Lëtzebuerger oder Net-Lëtzebuerger, ob Leit vun deem enge Quartier oder vun deem anere Quartier an och onofhängeg vun hirer sozialer Herkunft. Mir wëllen dass dat hei zu Esch e Projet global ass deen all gesellschaftech Schichten touchéiert an och all Beräicher wou se aktiv ginn.

Dee Caractère innovant mat enger Approche concertée hunn ech schonn erausgeschielt an dat ass mengen ech dat wat och an den Ae vum Schäfferot dat beschten Erfolgsrezept ass. Doduerch dass ee probéiert interaktiv mat de Servicer vun der Gemeng déi dann och herno mat den Associationen zesumme Kontakt kënnen ophuelen, zesummen ze schaffen ass eigentlech eng Grondviraussetzung fir eis, fir all déi Aktivitéiten déi mir am Pacte virgesinn hunn, lass ze schécken dass se sech um Terrain këinne bewähren.

Wat sinn elo déi eenzel Aktivitéiten? An dat sinn dann och déi, déi mir souwuel mat der Agence interculturelle vun der ASTI beschwat hunn an et sinn natierlech och déi déi mir dann herno bei d'OLAI mathuelen, respektiv bei de Ministère de la Famille fir vun hinnen den Aval ze kréie fir eng Participation financière. Dat heescht mir stëmmen haut eigentlech net iwwert de Budget of, mä mir weisen lech deen awer schonn, well deen erschafft ginn ass vun eisen interne Groupes de travail a vum Schäfferot validéiert ginn ass. Dofir hu mer transparent dee Budget scho matbruecht. Mä mir kommen awer, wa mir déi Concertatioun mat hinne gemaach hunn,

komme mer nach eng Kéier heihin an da stëmme mer dee Budget och of an eisem Gemengerot. Hunn awer an eiser budgetärer Preparatioun eis esou beholl wéi wa mer géingen den Aval fir deen heite Plan d'action kréien.

Wat welle mer maachen? Mir wëllen énner anerem e Carnet d'accueil maachen, dee sech awer net némmen un d'Nét-Lëtzebuerger, mä och un déi nei Lëtzebuerger riicht déi bei eis an d'Gemeng wunne kommen an do welle mer virun allem a verschiddene Sproochen eng émfaassend Informatioun ginn iwwer alles dat wat si hei zu Esch virfannen. An Dir hutt ganz Recht wann Dir hermo sot dat wier eigentlech iwwerfälleg, dass mer dat dote maachen. Well esou en Outil d'accueil oder en Outil de travail et d'intégration ass eigentlech eppes wat all Gemeng hei am Land misst hunn a mir wëllen net méi laang zu deene gehéieren déi et nach net hunn.

Mir mengen och, dass et muss standard ginn, dass bei allen éffentleche Versammlungen oder bei allen Aktivitéiten déi mir maachen an déi sech un d'grouss Populatioun adresséieren, och Publikatiounen déi mer maachen, dass do souwuel Traductiounen an aner Sproache wéi och simultan Traductiounen – a mir hunn dat an deene vergaangene Méint schonn entaméiert – solle Standard sinn. Dat heescht, dass een net op lëtzebuergesch wa méiglech an de Sall freet.“ An, mir versti jo all lëtzebuergesch, gell? Da këinne mer jo esou weiderfueren“. Dat ass net esou wéi mir et hei verstin, well déi déi net lëtzebuergesch verstin, déi këinne scho mol eleng op déi éischt Fro net äntwerfen a musse vu virer sécher sinn, dass eng Traduction simultanée do ass.

Och a Saache Formatioun, Wëssen. Dat fänkt bei de klenge Kanner un, wat se méi schnell lëtzebuergesch léiere wat et besser ass. Hei gëtt et eng Method déi heescht KON-LAP déi adresséiert sech och un d'Enseignanten an d'Personal vun de Schoulen, Maisons Relais an aner Strukturen déi mat Kanner schaffen. Dat ass eng ganz wichteg Démarche an dat welle mer och hei zu Esch standariséieren, well dat dozou bäidréit, dass Lëtzebuerger Kanner an Net-Lëtzebuerger Kanner méi schnell sech énnernéen këinne verstännegen. Mir mengen och, dass et essentiell ass, dass eis Kanner gewuer gi vu wou déi Kanner déi net-Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, wou déi hierkommen a wéi dat bei hinnen an hire Länner ass, wat fir Coutume se hunn. Wat fir

Relioune se à la rigueur an deene Länner hunn a mir menge wierklech, dass déi Formatioun duerch d'Bank eigentlech an all eise Servicer muss sinn, déi Kontakter entweder am Zesummenhang mat Kanner oder mat sozialen Déngschteeschtungen hunn, well dat natierlech émmer en Atout ass fir de Mateneen um Terrain. Datselwecht gëllt och fir déi didaktesch Methoden an d'Prioritéité beim Appui vun de Kanner déi nei an eng Gemeng kommen an déi heiansdo immens laang Zäit brauche bis se sech zerechtfannen an heiansdo doheem och, well d'Elteren et einfach net kënnen. Schonn eleng sproochlech net dee Support an deen Appui kréien deen aner Kanner vun doheem kréien an dat féiert dann direkt zu enger Diskriminatioun an déi Chancégerechtegkeet wëlle mir och hei zu Esch verstärken.

Mir hunn d'éinescht scho geschwat vun Echange interculturel a vun Echange sportif. Dir konnt et schonn dëse Summer gesinn, déi formidabel Summeratelieren déi mer haten an eisem Zelt, déi émmer méi intensiv Offere vu Fräizäitaktivitéité fir Jugendlecher vun allen Alterskategorien. Déi grouss Zuel un zousätzliche konvivialen Evenementer: Summeraktivitéiten, Kulturatelier, Aarbeitsgruppen. Fir den Echange interculturel ze favoriséieren a fir virun allem och émmer erém ze soen, et ass derwäert fir d'Kultur vun deenen déi aus anere Länner kommen, ze entdecken. Dat beräichert eis och. Esou dass dat och bei deenen Aktivitéiten nach verstärkt soll zur Geltung kommen. Och hei brauche mer natierlech en Agenda annuel des activités fir dass een déi gutt Saachen déi mer maachen, och alleguer gewuer gëtt. Punktuell sinn déi Saache schonn do, mä si musse ganz oft reggruppéiert ginn. Nach émmer ass et esou, dass verschidde Servicer oder Associatiounen formidabel Aktiounen hunn, formidabel Aktivitéité plangen, mä se dann entweder net bis bei eis hikommen oder virun allem net koordinéiert ginn a sech net concertéiert gëtt wéi se an engem gemeinsamen Outil d'information kënnen no bausse gedroe ginn an hei hu mer énner anerem bei eisem Service Jeunesse, awer och bei eisem Service culture formidabel Leit déi d'Mise en oeuvre kënnen dovunner maachen.

Eng Ligne budgétaire ass evident. Do kënnen mer am Zesummenhang mat eisem Budget nach eng Kéier drop zréck kommen an och e Plan de communication fir dat no baussen ze droen, ass och evident. An et ass eigentlech

den A an O vun enger reger Participatioun vun deene Concernéierten. Well wann een net informéiert ass, da kann een och net mat maachen.

Mir hunn och probéiert e Budget opzestellen. Mir hunn lech gesot, dass mer virun allem en Accueil vun de Résidente wëlle verbesseren. Mir hunn lech gesot, dass mer d'Informationen an d'Kommunikatioun och iwwer Traductiounen an iwwer verschiddesproochech Informationssoutile wëlle verbesseren an esou standariséieren, dass et herno dat Normaalst ass wat mer eis kënnne virstellen. Mir hu gesot, dass mer eng émfassend Offer iwwer eis kulturell a sportlech Aktivitéité wëlle maachen. Mir wëllen och déi Instrumenter wéi zum Beispill Radio Latina, déi sech virun allem un net-Létzebuerger Nolauschterer rüchten, mir wëllen déi virun allem mat abanne fir eis bei där Kommunikatioun ze hëllefen. Hei sinn enorm engagéiert Leit aktiv.

Dir kënnt lech erënneren an deene vergaangene Joeren hu mer méi wéi eng Kéier heiriwwer geschwat, am Zesummenhang mat eisem Genderbudgetting, dass mir zum Deel – bon et ass elo enorm vill besser ginn – zum Deel nach net iwwert dat statistescht Material verfügt hunn, wat mer brauche fir informéiert ze sinn iwwert d'Notzung vun eisen öffentlechen Infrastrukture fir jonk Leit, fir net jonk Leit, fir Létzebuerger, fir Net-Létzebuerger, fir Leit vun énnerschiddlech sozialer Herkunft. Dat läit eis enorm um Häerz, dass mer wëssen, wee profitéiert hei zu Esch vu wéi engen Investitiounen an Infrastrukturen déi mir ubidden? Dat ass fir eis ganz wichteg. An némme gutt, kann ech just soen, dass mer do vu vireran och gepréift hu wéi Létzebuerger an Net-Létzebuerger déi Infrastrukturen notzen an do och kënnen profitéiere vun deenen Offeren déi mir als Gemeng maachen. Also d'Egalité des chances ass wierklech och, wéi soll ech et soen, e bëssen en Daachverband vun deene ganzen Aktivitéiten. Well Egalité des chances limitéiert sech bei eis wierklech net op d'Fro op méi Jongen oder Meedercher déi eng Aktivitéité maachen oder ob méi Fraen oder méi Männer vun deenen engen oder aneren Infrastrukturen en Notze kënnen um Terrain hunn.

Mir hunn lech och nach e puer Detailer ginn iwwert déi ganz Formatiounsabsichten déi mer hunn. Mir hunn eng Rei vu Gemengen déi schonn zum Deel aktiv sinn op deem Terrain, mat deene mer och kënnen zesumme schaffen. Ech denke just un eis Nopeschgmeng Suessel déi schonn eng ganz Rei vun

Aktivitéiten op deem Plang hunn an och ganz dynamesch an aktiv sinn. Oder ech denken och u Biekerekch, wou natierlech an engem vill méi klengen Echantillon wéi bei eis awer och ganz flott Aktivitéité lafen. An eis fällt keen Zacken aus der Kroun wa mer flott Aktivitéité vun anere Gemengen och kënnne bei eis aféieren an ech mengen hinnen och net, wa mir Aktivitéiten hunn déi si bei sech kënnne maachen.

Den Echange culturel, dat ass wierklech eng formidabel Geschicht, sief dat vun engem Afrika-Dag bis hin zu Kulturateliere wou d'Kanner selwer kënnne matmaachen, iwwer Maisons Relais déi sech elo schonn ufänke Gedanken ze maache well si och agebonne waren an dee Groupe de travail wéi si mat de Kanner zesumme kënnne praktesch Aktivitéité plangen, wou d'Kanner sech da selwer mat abrénge kënnen an net herno just vun den ugebuueden Aktivitéiten héieren an da profitéieren. Nee, si sinn zum Deel selwer mat agebonne bei deene Kulturateliere déi mer ubidden. Ganz flott fanne mer et och als Schäfferot, dass net némme eng Dynamik ronderem déi jonk Leit, ronderem eis Schülerinnen a Schüler konnt entstoen, mä och en Elargissement vun där Kulturoffer op déi eeler Persoune konnt ausgebaut ginn. Also och all déi déi sech asetze fir eng zousätzlech Offer fir manner jonk Matbierger vun Esch unzebidden, konnten hei aktiv mat schaffen.

Ech mengen et bréngt elo net vill fir all Detailer lech mat op de Wee ze ginn iwwer Atelier de cuisine, Danzen, Sport, Musek, Egalité des chances an engem Festival gesi vu Kanner, och eng ganz flott Saach déi mer plangen. Mir hu wierklech drop gehale fir an absoluter Transparenz och an där Versioun wéi et à ce stade virläit lech déi budgetär Estimatione matzebréngen. Wa mer dee Plang eleng fir 2011 esou kredibel wëlle maachen, dass en och eng Chance huet fir méiglechst vill Leit ze begeeschteren an ze interesséieren, da wäerte mer bei engem estiméierte Gesamtbudget vu ronn 100.000 Euro landen. Ech weess net, ob Dir elo spontan d'Gefill hutt dat wier vill oder spontan dat Gefill hutt et wier ze wéineg. Mir mengen, dass et e ganz gudde Start ass an dass et virun allem net drëm geet fir elo 2000 enorm unzerappen an duerno näischt méi ze maachen. Mir hunn dofir dee ganzen Aktivitéiteprogramm an och déi ganz budgetär Estimationen an enger Option pluriannuelle ausgeschafft. Quite dass een émmer muss soen, dass mer d'nächst joer en neie

4. Pacte d'intégration pour la Ville d'Esch-sur-Alzette; présentation et décision

Schäffen- a Gemengerot wielen an deen natierlech deen Engagement deen ze huelen ass, och an enger pluriannueller Optik muss nei maachen. Awer mir wëllen op alle Fall deen Usaz haut scho mat op de Wee ginn an och d'Ausso maachen, dass deen heite Schäfferot op alle Fall gewëlt ass fir mat deenen eenzelnen Acteuren zesummen all déi fir eis scho bal Standardaktivitéiten um Terrain ze erméiglen.

Domatter wier déi heite Presentatioun fir haut ofgeschloss. Eis geet et drëm fir zu der Haaptstoussrichtung vun deem Pacte d'intégration Ären Aval ze kréien. Mir komme souwisou, souwuel am Kontext vum Budget wéi och am Kontext vun der Mise en oeuvre vun deem Pacte d'intégration, heihinner zréck. Mä eis ass et einfach drëm gaange fir déi gutt Aarbecht déi hei geleescht ginn ass, virun allem mat den agebonnene Servicer fir lech dorriwwer ze informéieren. A wa mer deen Aval kréien, da kënne mer och konkret de Pacte d'intégration fir d'Stad Esch entaméieren.

Ech hat scho während der Presentatioun vum Schäfferot eng Wuertmeldung vum Här Jaerling a vun den Häre Weidig an Huss, Baum.

Aly Jaerling (Indépendant): Merci, Madame Buergermeeschter. Dat wat Dir eis elo presentéiert hutt, dat misst am Fong eng Selbstverständlichkeit sinn a sämtleche Politiken déi et an der Gemeng oder an eisem Stat gëtt. All Kéiers wa mer vun Integratioun schwätzen, bezéie mer eis émmer némmen Integratioun vun Net-Létzebuerger, mä ech mengen Integratioun misst fir eis eppes si wou mer alleguer missten integréiert ginn an eng multikulturell Gesellschaft an där mer zesummen eens ginn a wou mer zesummen eppes opbaue wou mer an Zukunft géint all méiglech Ugrëff géint d'Méenschlechkeet a géint de Versteesdemech gefeit sinn. Dat hei ass en Dokument wou ech mer soen, wat hei an der Gemeng besonnesch vun de Servicer aus wou Leit empfaange ginn, misst fir mech eng Selbstverständlichkeit sinn, wat et och zu 99,9% ass. Et gëtt émmer mol déi eng oder aner Ausnam, mä ech mengen et ass dat wat mer sollen ustriewen. An och all déi Punkten déi Dir hei opgezielt hutt, ass och fir mech eng Selbstverständlichkeit. Déi müssen am normalen Oflaf vun de Gemengegeschäfter müssen déi esou ginn. Dass elo nach zousätzlech Saachen dobäi kommen, ass némmen ze begréissen.

Well wat mer net duerfe vergiessen, wat d'Situatioun nämlech am Land méi schlecht gëtt, wat d'Situatioun méi prekär gëtt, wat mer méi Aarbeitsloser kréien, wat mer méi Leit kréien déi um Mindestakommes musse liewen, an do si mir jo am Fong an der Escher Gemeng mat 18% Spätzreider. Wat d'Situatioun och énnerenée méi haart gëtt, wat de Konkurrenzkampf méi haart gëtt a wat dozou féiere kann, dass einfach dat Versteesdemech wat virdrun esou selbstverständliche war, op eemol net méi esou selbstverständliche ass. An dofir sinn och all Aktivitéité wou énnerholl gi fir d'Leit engem deen aner méi no ze bréngen an och dofir ze suergen, dass d'Leit sech besser matenee verstinn, déi sinn némmen ze begréissen an déi müssen och méi intensiv effektiv um Terrain duerchgezu ginn. Well et geet net duer dass mer eppes op Pabeier bréngen als Alibifonction an da spéider näischt méi no kënnt. Dofir ass et och wichtig, dass schonn direkt d'office déi néideg Méttel zur Verfügung gestallt gi fir kënnen direkt an déi Richtung ze goen an dass net am Nachhinein wa mer esou Aktivitéité maachen da muss gekuckt ginn, jo wou huele mer d'Suen hir oder musse mer hei eppes anescht si losse fir dat doten. Ech mengen, ech fannen dat och dee richtige Wee, dass direkt vu virera Kloer ass, dass et dat net zum Nulltarif gëtt an dass eben, wann ee sech am Interesse vun de Bierger assetzt a besonnesch am Interesse vun der Integratioun, dass dat säi Präis huet deen einfach muss bezuelt ginn, well et och eng Investitioun ass an d'Zukunft, well et eng Investitioun ass an d'Zesummeliewen. A wou mer jo och elo wëssen, dass wa mer en neit Gesetz kréien, besonnesch wat déi demokratesch Participatioun ubelaangt, dass mer jo do och en neit Gesetz kréie wou mer méi Leit gären hätten déi sech sollen och op deem Senn intégréieren, esou schéngt et mer, dass mer hei wierklech elo en Instrument geschafen hu wat Senn huet a wat och eis an Zukunft och op deem Wee kann héllefe fir méi Leit um demokratesche Prozess ze bedeelegen.

Mä dat wichtigst ass op jidde Fall d'Convivialitéit. D'Convivialitéit téschent de Leit, téschent allen Natiounen wou ee versiche muss ze kucken, dass endlech déi Brécken ofgebaut ginn. Ech erénnere mech émmer un e Lidd vum Bob Marley, deem seng Wieder wou hie gesot huet „aussi longtemps que la couleur de la peau aura plus d'importance que la couleur des yeux, il y aura la guerre“. Hien huet et op englesch gesongen, mä ech kann néng

Sproochen, awer all op Létzebuerg. Ech ka keen englesch. Mä ech wëll just soen, dass et einfach wichtig ass, dass mer ivver all déi Differenze versichen ewech ze kucken an och jiddwerengem endlech kloer maachen, dass et téschent de Ménschen am Fong keng Differenze gëtt. An déi, déi et am beschte gesinn, dat sinn déi Leit – an ech hunn dat selwer gesinn an och matgemaach, och als Gewerkschaftler – dat sinn déi Leit déi dobaussen am Dreck an am Knascht müssen zesumme schaffen, déi gesinn am meeschte wéi wichtig dass den Zesummenhalt ass, wéi wichtig dass Versteesdemech ass. Anerer déi vläicht aus enger besser gehuewener Situatioun oder aus engem rietsen Eck eraus dat kucken, déi verstinn dat vläicht net. Mä op jidde Fall, mir müssen et fäerdege bréngen. Esch ass eben eng Aarbechterstad, Esch ass eng Stad wou mer keng esou Hante Bourgeoisie hunn déi vun uewen erof kucken an dat ass och gutt esou. Duefir ass et an Esch besonnesch wichtig, dass mer op dee Wee do ginn. An et kann een némme begréissen, dass mer dee Pacte do all gemeinsam, géif ech mengen, all eestëmmeg hei unhuelen. Ech mengen, dat wär e richteg Signal an déi richteg Richtung fir ebe wéi ech gesot hunn, d'Integratioun vun eis all an eng multikulturell Gesellschaft. Némmen esou këinne mer eis Zukunft gemeinsam awer och roueg a sécher gestalten.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Jaerling. Et wier dann un den Häre Weidig, Huss a Baum.

Paul Weidig (LSAP): Ech wëll hei d'Riet vun eisem Fraktiousspriecher vum Här Codello virdroen, dee leider verhënnert ass. Hien huet haut e ganz wichtegen Termin fir de Weiderverlaf vu senger Carrrière an duerfir kann hien haut net hei sinn.

Madame Buergermeeschter, erlaabt mer als President vun der zoustänneger Integratiounskommissioun e puer grondleeënd Wieder zur Integratioun an och méi speziell zu eisem Integratiounspacte ze soen. Mir setzen haut als Escher Gemengerot e wichtig Zeechen andeem mer alt erém eng Kéier déi wichtig Diskussioun ivver eis Integratiounspolitik um Ordre du jour hunn. Niewent désem Punkt hu mer och de Budget rectifié vum Office social ze stëmmen, wat och e ganz wichtige Punkt am Kader vun eiser Sozialpolitik duerstellt. Duefir ass dës Sitzung vum Gemengerot als eng ganz wichtig am Zeeche vun eiser sozialer Kohäsion an eiser Stad unzugesinn. Eis Stad

huet 53,15% Awunner déi net déi Lëtzebuerger Nationalitéit hunn an eleng am Quartier Brill wunne 75,21% Net-Lëtzebuerger. Dës Situatioun stellt eis responsabel Politiker viru grouss Eerausfuerderungen. Mir si responsabel fir dat onkomplizéiert an harmonesch Zesummeliewen tēschent all else Bierger. Duerfir huet dës Majoritéit, mä och énnert dem Impuls vun eiser dynamescher Integratiounskommissiou scho méi wéi eng wichteg Décisioun geholl. Zum Beispill d'Organisation vu Sproochecoursen, och samschdes, huet sech als e grousse Succès an als wichtegen Integratiunsfacteur erausgestallt.

Integratioun ass awer náischt wat schnell geet. Et ass e laangen, net émmer einfache Prozess, deen och a virun allem d'Bereetschaft vu béide Partner, Immigrant a Société accueillante, viraus setzt. Mat deem neien Integratiounsgesetz sinn duerfir um nationale Plang déi néideg an noutwenneg Schrëtt énnerrholl ginn. De lokale Plang ass a bleift awer deen, ganz fräi nom Subsidiaritéitsprinzip, deen am wichtigste fir d'Integratioun ass. Eng Gemeng an dat ass wichteg déi ganz no bei de Bierger ass, weess ém d'Problemer déi sech och hiren Immigrante stellen. Problemer wéi Logement, Kontakt mat den Autoritéiten, Schoul, sinn der Integratiounskommissiou wuel bekannt. Duerfir ass et net vu Muttwëll, dass mer d'Décisioun geholl hunn, wéi dräi aner Gemengen och schonn, eis vu professioneller Sait, nämlech vun der ASTI, hëlfelen ze loessen. Den Integratiunsachte deen dem Gemengerot haut virlält ass en Dokument wat duerch déi aktiv Mathéllief vun eise Servicer ausgeschafft ginn ass. Ech wéll an deem Kontext eise Beamten e grousse Merci soe fir hir Bereetschaft an hir Dynamik am Opsetze vun désem Plang. An Zäiten déi émmer méi duerch déi wirtschaftlech Kris gekennzeechent gëtt mat hire soziale Konsequenzen, virun deenen däerfe mer eis Aen net zou maachen a mir musse mat alle Mëttele géint déi stehend Tendenz zum Friemendaass schaffen. „La xénophobie est reconnue comme un danger imminent dans la cohésion sociale“, huet de Journalist Jean Rhein den 28. Dezember 2009 am Quotidien geschriwwen. Dëst muss eng Warnung si fir all responsabel Politiker déi et an der Hand hu géint dës Tendenzen unzekämpfen. Den Integratiunsachte ass e wichteg Element nieft eiser Campagne „ta ville t'écoute – inscris-toi“ fir eng gréisser Integratioun vun eisen net-lëtzebuer-gesche Matbierger. Et gëllt duerfir als politesch Parteien hei am Gemengerot un engem Strang

ze zéien an alles ze maachen, dass eis sozial Kohäsion, definéiert och duerch déi kulturell Diversitéit an eiser Stad, weiderhin e feste Prinzip bleift an dass net kann dorunner gerëselt ginn.

Ech soen lech Merci an do hunn ech wuertwiertech dem Här Codello seng Riet zitéiert.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Merci, Här Weidig, respektiv dann dem Här Codello. Et wier elo um Här Huss an dann herno um Här Baum an den Här Maroldt.

Jean Huss (DÉI GRÉNG): Jo, Merci, Madame Buergermeeschtesch. Ech mengen, Dir hutt selwer am Detail dee Pacte d'intégration hei fir Esch virgestallt. Et bréngt kee Senn fir dat am Detail hei ze widderhuelen. Et ass ganz kloer, datt déi Gréng do derfir wäerte stëmme well mer mat deenen Aktiounen do absolut d'accord sinn.

Ech géif mengen, datt et och sennvoll wier, datt ee géif kucken all déi Aktiounen déi hei proposéiert ginn, datt een déi eng Kéier géif bilanzéieren. Datt ee sech einfach en Termin géing setze fir dat ze bilanzéieren, mengetwegen an annerhallwem Joer oder zwee Joer fir ze kucken all dat wat mer hei stëmmen, ass dat an d'Praxis émgesat ginn? Ass dat gutt an d'Praxis émgesat ginn? An datt een einfach eng Debatt dorriwwer sollt féieren, et muss een där Saach eng Idee Zäit ginn, annerhalteft Joer géif ech mol proposéieren. Et si jo souwisou, d'nächst Joer si jo dann nach déi Gemenge-wahlen. Mä datt ee vlächt an annerhallwem Joer, am Fréijoer oder duerno, datt een do géif en éische Bilan, en éischen Zwëschebilan zéien iwwert d'Mise en vigueur vun all deenen Aktiounen déi hei geplant sinn, déi ech ganz gutt fannen. Ech mengen et ass jo och net fir náischt, dass d'ASTI do mat impliziéiert war fir déi Saach mat auszeschaffen, well se immens vill Erfahrung zénter 30 Joer, ronn 30 Joer domatter hunn.

Mir als Gréng hunn zénter eiser Grënnung souwuel um nationalem wéi och um lokale Plang dat war ufanks 80er Joeren, hu mer eis émmer agesat fir dat wat den Här Jaerling genannt huet, eng multi- oder interkulturell Gesellschaft, well dat e Faite ass. Dat heescht wann een d'Population zesumme setzt, net némmen hei zu Esch mä iwwerall am Land, da wësse mer datt an deene leschten 30, 40 Joer et eng Zounam ginn huet vu Leit déi aus dem Ausland bei eis schaffe komm sinn. Déi

Leit déi aus Portugal oder aus Italien oder egal vu wou bei eis schaffe komm sinn, si jo net bei eis schaffe komm wéinst deem schéine Klima wat mer hei henn, mä ganz einfach well an hire Länner ekonomesch Problemer a sozial Problemer bestanen hunn. Dat ass eng absolut Evidenz. Dat wäert och nach virugoen an deem Mooss wou mer beispillsweis elo erliewen, datt grad am südlechen Deel vun Europa, Spuenien, Portugal, Italien an esou virun, d'Wirtschaftskris vill méi haart zou schléit wéi dat bei eis de Fall ass. Mir liewen an enger Europäescher Unioun wou et ém d'fräi Zirkulatioun vun de Persoune geet an et ass ganz evident, datt déi Leit, wa se do am Chômage sinn oder wa se a grousse Problemer do énne sinn, datt se sech dann natierlech dohinner déplacéiere wou déi meeschte wirtschaftlech Aktivitéité sinn. Dat ass méi am nérdelechen Deel oder am westlechen Deel vun Europa. Dat si Fakten. A wann d'Saach émgekéiert wier, da géifen d'Lëtzebuerger massiv a Portugal oder Spuenien oder Süditalien immigréieren, jiddwer Eenzelnen, fir do besser Chancé fir sái Liewen ze hunn.

Et ass virdrun d'Zuel genannt gi vun 53% Net-Lëtzebuerger am Moment hei zu Esch. Dat ass eng ähnlech Zuel, dat gëtt et an enger Rei vun anere gréisseren Uertschaften hei am Land. Den Trend wäert sinn, datt dat souguer nach liicht wäert an deenen nächste Joeren zouhuelen. Zum Beispill op Grond vun der Implantatioun vun der Universitéit, wou zum Deel natierlech eng aner Kategorie da vun Ausländer wäerten heihinner kommen, déi och jo zum Deel wäerten op eisen Territoire wunne kommen. D'Studente wölle mer jo méiglechst wäitgehend och hei an eisen Escher Tissue integréieren, wat de Logement ubelaagt, wéi och eng Rei vun deenen auslänneschen Universitésproffen oder Dozenten oder Fuerscher wäerten och siche méiglechst no bei hirer Aarbeitsplatz, even-tuell an den Nonnewisen oder an esou Quartieren, e Wunnert ze fannen. Dat heescht, tendenziell wäert den Trend an d'Luucht goen an et ass also evident, datt dee Pacte d'intégration net némmen um Niveau vun der Sprooch, vun de Sproochekenntnisser, mä och um Niveau vun enger kultureller Integratioun an enger sozialer Integratioun eppes ass, wat extrem wichteg ass. Ech mengen, mir als Gréng stinn total do derhannert fir dat ze maache well keng aner Chance besteet a wéi d'Buergermeeschtesch gesot huet, well et och fir eis selwer eng

Beräicherung ass. Et soll een dat net némmin als Lëtzebuiger gesinn als e Problem dee mer doduercher kréie wou mer Sue mussen dofir ausginn. Ech mengen et kann och eng Beräicherung si fir mat aner Kulturen a Kontakt ze kommen. Et ass jo net esou, datt mir Lëtzebuiger eleng den Nuebel vun der Welt wieren. Ech mengen, et gi ganz grouss Kulturen déi an deene leschten 200 - 300 joer wierklech kulturell immens Leeschungen haten a wann déi hei eis gewise ginn, wann dat hei a Kontakt mat eis kénnt, da kann dat och zu eiser eegener Beräicherung bädroen.

Et ginn eng Rei wichteg Aspekter do derbäi. Den éischten Aspekt sinn natierlech d'Schoulanner, fir ee Problem erauszegräifen. Wa Leit elo am Moment wéinst der Wirtschaftskris heihinner komme mat hire Kanner, da kénnt et ganz oft vir datt d'Kanner dann am Alter vun 9 - 10 Joer hunn. Si sinn do énnen an d'Schoul gaangen an da komme se mat hiren Elteren heihinner an da kenne se just hir Sprooch. Dat heescht mat esou banale Saache fánkt et un. Déi Eltere kommen zum Deel aus Géigende wou se selwer vläicht némmin d'3. oder d'4. Schouljoer gemaach hunn. Se kommen also heihinner mat hirer eegener Sprooch, si kulturell natierlech an enger komplett anerer Situatioun an duerfir ass d'Gemeng wou se hikommen, gebieden an opgefuerert Efforten ze maache fir déi Leit méiglechst gutt, schrëtweis – den Här Codello huet a senger Riet gesot, dat wier eng Saach de longue haleine, dat ass ganz richteg – mä ech menge mer kénnen eis net leeschten dat net ze maachen. Mir sollten dat maachen a mer si selwer drun interesséiert dat ze maache fir datt et net zu engem Clivage kénnt, zwéshent de Populatiounen déi hei liewen. Et ass schonn esou, wann een dat ganzt nüchtern betruacht ass et schonn esou, dass an enger Partie vu Quartieren et zu Usammelunge kénnt vu Populatiounen déi d'Tendenz natierlech hunn, wat verständlech ass, e wéineg énnert sech ze sinn. Well se och sproochlech einfach Schwierigkeiten hu wa se heihinner kommen. An dat kann et net sinn. Mir mussen all Efforte maache fir ze kucke fir ze vermeiden, datt et zu parallel Gesellschaften kénnt an ech mengen, datt dee Pacte d'intégration e wichteg Instrument ass fir dat ze maachen. Dat ass en Instrument wat offensiv muss genutzt ginn an némmin iwwert déi Aart a Weis kenne mer vermeiden, datt et zu esou parallel Gesellschaften, datt dat sech géif verfestegen oder nach weider ausdeenen. An ech hoffen och, an ech hunn

dat och aus de viregte Rieden hei héieren an ech ginn och dovun aus, datt hei am Gemengerot keng Fraktioun ass, déi wäärt versiche bei deem nächste Wahlkampf do Angscht ze schüre mat Auslännnerproblemer. Op jidde Fall hei am Raum hei kennen ech keng Partei déi dat, där ech géif zoutrauen, datt se dat géif maachen. Ech géif op jidde Fall ganz kloer soe wann et eng Partei géif ginn aus dësem Gemengerot hei, déi hei vertrueden ass oder ausserhalb déi net vertrueden ass, déi dat géif maachen, da wieren déi Gréng hiren Haaptgéigner. Ech mengen dat ass ganz kloer, dat kenne mer eis net leeschten. Dat wat am Ausland op muenche Plazen, sief et a Flandern oder an Holland oder an Däitschland an esou viru geschitt, dat si Saachen, oder an der Schwäiz, dat si Saachen déi kenne mir eis hei net leeschten. Mir hu ganz aner Problemer déi mer ze léisen hu wéi déi mussen, Rassismus an Antirassismus hei ze praktizéieren. Fir eis ass et esou mir musse kucken eis wirtschaftlech Zukunft vun der Stad Esch, ronderém d'Universitéit ze assuréieren, dat ass eis Haaptziel wat mer mussen an deenen nächste 5 Joer verdeedegen. Och eisen Zentrum hei mat verdeedegen an all aner Saache sinn iwwerflësseg a solle versichen hei dee Pacte d'intégration a Musek émzesetzen, a konkret a Musek émzesetzen, an duerfir ass och dee Budget dee mer elo virgesinn hunn als éische Budget dee mer hei virgesinn hunn, e Budget deen ech an der Rei fannen. Ech menge just et muss ee kucken no den nächste Gemengewahlen e Bilan ze zéien, méiglechst séier e Bilan ze zéien an dann ze kucken, ginn et nach Punkte wou mer nach eppes mussen drooleeën, wou mer nach musse Verbesserunge maachen an zwar am Senn vu wierklech engem gudden an harmoneschen Zesummeliewe wéi den Här Codello gesot huet, zwéshent einheimescher Populatioun an der Populatioun déi báigezunn ass hei an déi Problemer huet a wou mer musse kucke gemeinsam déi ze léisen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Merci, Här Huss. Et wier dann um Här Baum an dann um Här Maroldt.

Marc Baum (Déi Lénk): Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wéilt direkt beim Här Huss virfueren. Wann et eng Partei esou sollt gi bei den nächste Gemengewahle wäärt se net némmin déi Gréng als hiren Haapfeind hunn, mä och déi Lénk. Dat ass evident an ech hoffen och nach anerer. Ech mengen et

ass evident, datt am Kontext wou mer hei zu Lëtzebuerg liewen a besonnesch zu Esch an enger Situatioun wou mer 54% Auslännner hunn, datt et eng Situatioun ass mat däi Héicht vu 54% déi sécherlech net nei ass, mä de Faite, datt émmer e ganz héije Prozentsaz Auslännner zu Esch war, ass een deen d'Identitéit vun déser Stad ausmécht. An e gehiéiert zur Identitéit vun déser Stad. A wann ee vu Beräicherung schwätzt, dann ass dat mengen ech am duebele Senn, well déi 54% Auslännner déi hei zu Esch sinn, sinn net némmin hei well d'Escher esou líef Leit sinn, mä déi schaffen hei, déi droen zum Räichtum vun eisem Land mat bái an natierlech d'Beräicherung och am kulturelle Senn. Et ass eng Erweiderung, eng Beräicherung am Wuertsenn vun eiser kultureller Landschaft.

Wat och wichteg ass, a wat dëse Pacte d'intégration mengen ech, virbildhaft mécht, dat ass ze weisen datt Integratioun net ze verwisselen ass mat Assimiliatioun. Integratioun ass e Wee wou ee verschidde Partner huet déi e Stéck Wee gemeinsam ginn oder versichen dat ee Stéck Wee gemeinsam ze goe fir eng solidaresch Gemeinschaft, eng multikulturell solidaresch Gemeinschaft hierzestellen. An dëse Pacte d'intégration geet genau op déi Démarche an et ass genau déi déi richteg ass. Ech géif och de Schäfferot félicitéieren an dësem Fall wéi hie virgaangen ass, nämlech datt d'Egalité des chances, esou wéi d'Madame Buergermeeschter ét duergestallt huet wat d'Escher Gemeng énnert der Egalité des chances versteet, dat Ganzt geleet huet an déi Proposéen déi aus den einzelne Servicer komm sinn zesumme bruecht huet. Awer och wéi d'Servicer erém eng Kéier transversal Servicer iwwergräifend zesumme geschafft huet, ass wierklech virbildlech an et ass mengen ech déi richteg Démarche déi an dësem Fall geholl ginn ass.

Zum Inhalt selwer sinn et fir mech 3, 4 Punkten déi erauszehiewe sinn. Fir d'éisch ass, an deem Verständnis vun Integratioun fánke mer bei eis selwer un an et fánkt u mat der Formatioun vun de Servicer, vun de Leit déi an de Servicer schaffen. Et geet iwwert e Carnet de bienvenu, wat eng laang Fuerderung ass vum President vun der Integratiounskommissiou, awer och schonn iwwert déi Fuerderung vum President eraus ass et eng laang politesch Fuerderung datt ee seet: mä et muss een de Leit eppes an de Grapp gi

wou se och e kloert Verständnis hunn, wéi eng Gemeng ka fonctionnéieren a wat och hir Rechter sinn.

Ech mengen och, datt d'Verständnis vun Integratioun, wat hei virgeschloe gëtt, dat ass, datt ee sech entgéint kënnt an notammt heescht Integratioun och, datt een der einheimescher Population aner Kulture méi no bréngt. Dëst ass och hei geschitt andeem ee Coutume, Reliouenen, lesse vun deenen anere Kulturen déi hei zu Esch liewen, de Leit versicht méi no ze bréngen. An natierlech Integratioun fonctionnéiert och an deem duebele Senn émmer iwwer Sprooch. An duerfir ass et mengen ech och ganz wichteg notammt an der Schoul, datt ee mat Iwwersetzung schafft, datt Elterversammungen ofgehale ginn, wou d'Elteren, wann et eng Iwwersetzung gëtt, och wierklech d'Méi-glechkeet hu Verständnis ze entwéckele fir dat wat an der Schoul geschitt an dat wat den edukativen Optrag ass deen d'Gemeng do iwwerhëlt.

Als Konklusioun wéilt ech zwee Punkten zréck behalen. Dat eent ass dat, wat den Här Huss och gesot huet, datt ee misst e Bilan zéien. Ech weess net ob no de Gemengewahlen net vläicht ze fréi ass. Vläicht misst ee wierklech kucken dat 1, 2 joer lafen ze loosseren an da wierklech en detaillierte Bilan kënnen ze zéien. An dat zweet ass, wann ee sech de Budget ukuckt, iwwer dee mer zwar elo net votéieren, mä wou een awer ongeférler gesäßt a wéi eng Richtung et geet, mengen ech misst ee soen, kéint een de Schäfferot just nach motivéieren eventuell an Zukunft nach méi Mëttelen zur Verfügung ze stellen, besonnesch wann ee bedenk ... gelift?

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Dat ass wouer fir alles.

Marc Baum (Déi Lénk): Dat ass sécherlech wouer, mä ech menge bei dësem Sujet ass et awer besonnesch wichteg well et finallement ém d'Essenz vun eiser Gesellschaft geet, vun eisem gesellschaftlechem Zesummeliewen. An ech géif dann dem Schäfferot dat och mat op de Wee ginn eventuell och an Zukunft ze denken an nach méi, och finanziell oder logistesch Mëttelen deem zur Verfügung ze stellen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Baum. Dann nach den Här Maroldt.

Frunnes Maroldt (CSV): Also ech géif mengen och meng Fraktioun a meng Partei déi wäerten weder vun deene Grégen nach vun der Lénke befeindet ginn, mat enger Attitude déi an deem nächste Wahlkampf an déi dote Richtung géif goen. Ech mengen fir eis Escher ass dat jo evident, wann ee weess dass iwwert d'Majoritéit vun eise Matbierger, d'Origine étrangère sinn, et ass evident, dass ee muss e Wee siche fir, solle mer soen, e geregt Zesummeliewen ze fannen. A wann een elo hei nogelauschteit huet, déi Ausféierunge vu menge Virriedner, kínt een heiansdo e bësse menge wéi wann dee Pacte d'intégration, wéi wann deen elo endlech eppes géif maache wat am Fong nach ni hei gemaach ginn ass. Ech géif soen, et bestinn eng ganz Rei vun Aktiounen hei, net némmer an deene leschte 5, 10 Joeren, zénter jeeher ass hei zu Esch vill un der Integratioun geschafft ginn. Awer ech menge mir begréisse selbstverständlech all zousätzlech, all nei Ureegung a Mathélf déi ka kommen. Besonnesch och hei vun der ASTI déi jo awer schonn 30 Joer um Terrain schafft an och scho Villes hei zu Lëtzebuerg bewierkt huet. Also géif ech och soen, dee Pacte d'intégration hei, deen ass e sennvoll komplementaren Akt a mir gesinn en och deementsprechend un. Mir sinn awer och gespaant wann, wéi d'Madame Buergermeeschter eis versprach huet, wa se zréck an de Gemengerot kënnt mat méi konkreten, also wéi d'Emsetzung soll verlafen, et ass jo och déi Fro déi ee sech stellt wee genee betréfft dat? Wou gëtt dee Pacte d'intégration émgesat? Ech mengen einfach, d'Emsetzung vun deem Ganzen, dat interesséiert eis och a mer wäerten dat och de près da suivéieren.

Also, op jidde Fall mir gesinn dat heiten als en Accord de principe dee mer och vun eiser Säit aus, vun der Säit vun der CSV wäerte ginn. An dat gesot, soen ech lech och alleguerte Merci fir är sennvoll Suggestiounen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Villmoos Merci. Ech si ganz frau, dass de Schäfferot hei kann d'Unanimitéit feststelle fir op deen dote Wee ze goen. Et ass natierlech och en Engagement dee mer elo huelen. Et geet net duer mat Deklaratiounen a mir huelen dat ganz eescht. Ech mengen et sinn Eenzelner vum Schäfferot déi nach op e puer punktuell Saache wëllen agoen oder e puer Ajouté wëlle maachen. Den Här Braz an d'Madame Spautz.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Ech wéll just eng kleng Remarque hannendrun hänken, well ech och mengen dass dat heiten eng ganz gutt Saach ass. Mir hunn haut och an dëser Diskussioun erëm eng Rei Zuele genannt. An notammt dee Pourcentage vun Auslännner. Ech wéll just zu där Zuel nach eng Kéier rappeléieren, dass ee sech awer och soll bewosst sinn, dass mer, wa mer soe 54% Auslännner, dass mer do vum Pass vun deene Leit schwätzen. A Wierklechkeet sinn déi Leit ganz oft hei zu Lëtzebuerg gebuer, sinn hei opgewuoss oder si mat ganz klengem Alter op Esch komm. Wa mer also soe 54% Auslännner, dann ass hannert där Zuel däitlech méi Distanz oder Entfremdung wéi dat wat an der Realitéit ass. Wann ee seet 54% Auslännner, da schwätze mer do vu Lëtzebuerger, klenge Lëtzebuerger, Lëtzebuerger mat 15 Joer, Teenager oder jonken ewuessene Lëtzebuerger déi de Pass vun den Elteren nach hunn. Déi awer ausser de Pass dee se vun den Elteren hunn, eigentlech e perséinleche Vécu hunn deen zu 100% oder zu 80% oder zu 90% hei zu Esch oder hei zu Lëtzebuerg stattfonnt huet. Dat solle mer ni vergiessen, dat si gréissstendeels Lëtzebuerger mam Pass vun hiren Elteren.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Braz. Madame Spautz.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Och just ee Wuert. Ech hunn net dru gezweifelt, datt de Gemengerot hei géif geschlossen hannert deem Pacte d'intégration stoen, émsou méi wou mer jo schonn eng ganz Rei Saachen an déi Richtung d'ganz Joer lafe gelooss hunn op énnerschiddeleche Plazzen, iwwert d'Jugend, d'Maisons Relais, an de Schoulen, Festival am Summer an esou weider. Ech denken, wat wichteg ass, an dat weess jiddwéieren, besonnesch a Krisenzäiten, dat ass dass ganz gäre Friemeféindlechkeet opkënnnt. An do ass et enorm wichteg, datt mir mat esou engem Pacte als Beispill och virginn an deem e Rigel virschieben, émsou méi, d'nächst Joer si Gemengewahlen a schonn eng Rei ganz domm Leit sinn amgaange ganz domm Saachen op Internet ze schreiwen. Et gëtt e Site, do ginn ech lech d'Adress net, deen esou domm ass, wou et einfach wichteg ass mat esou Saachen hei de Rigel virzeschieben, deen esou auslännerfeindlech ass, esou datt ech denken, datt mir hei als Escher Gemeng do de richtege Schrott énnerhuuelen.

5. Office social:

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Merci, Madame Spautz. Mir kennen dann zur Ofstëmmung kommen iwwert de Pacte d'intégration fir den Accord de principe zum Pacte.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker
– M. Félix Braz – Mme Mady Hannen
– Mme Annette Hildgen – M. Henri
Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly
Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M.
Roger Roller – M. John Snel – Mme
Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M.
Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth –
M. André Zwally

Le Conseil communal décide à
l'unanimité de donner son accord de
principe pour le « Pacte d'Intégration
pour la Ville d'Esch-sur-Alzette ».

Dat maache mer um Enn vum Joer. Mir waren d'lescht Joer op iwwer 4.500 Visitë komm an dat mer elo nach Personal nogestëmmt hunn, ass absolut wichteg an dréngend. Dobäi hu mer nach guer keng Supplémentaire ugefrot.

Mutsch – M. Roger Roller – M. John
Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean
Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M.
André Zwally

Le Conseil communal approuve à
l'unanimité le budget rectifié 2010 de
l'Office social.

Mir kéimen da bei Punkt b)

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Voilà. Mir müssen haut deen neie Conseil d'administration wielen. Dir wësst, datt mer an der virleschter Sitzung mengen ech war et, d'Eropsetze vun de Leit am Conseil d'administration beschloss haten. Mir hunn aktuell 5 Leit dra gehat an hate jo op 7 gehuewen. Hunn elo déi leschte Woche mat 4 Leit fonctionnéiert. Dir wësst datt eise Kolleg Josy Mischo verstuerten ass an ass dunn net ersat ginn. Mir wielen haut 7 Leit an de Conseil d'administration a mir hunn eng öffentlech Ausschreiwung gemaach. Et war am Gemengebuet verëffentlech an et hung hannenauß an dem, wéi heesch dat, am Rider, a mir hunn doropshin insgesamt 13 Kandidature kritt.

(Discussion générale)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Ass d'Madame Spautz färderdeg wann ech gelift? Da loosst d'Madame Spautz ausschwätzten an da prononcierer mer eis och zum Wahlmodus.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Kann ech just nach eng Saach soen. Also, mir hunn 13 Kandidature virleien. Vun deenen 13 Kandidaturen hutt Dir haut de Moien en Ziedel do leien, datt ee sech zréck gezunn huet, dat ass den Här Jos Kolmesch. Dat heesch mir hunn 12 Kandidaturen do leie fir 7 Kandidaten. Den Här Jos Kolmesch war Member oder ass nach Member bis den 31. Dezember vun dem aktuelle Conseil d'administration. Niewent dem Här Back, dem Här Müller an der Madame Netty Stocklausen. Et ass net u mir hei Suggestiounen ze gi wee wou wat ze wielen huet. Mir hunn drivver diskutéiert gehat an dat ass einfach esou eng perséinlech Empfehlung, datt mer frou wiere wann den ale Büro nach kéint mat eriwwer goen. Déi hunn déi ganz Aarbechte gemaach. Dat sinn dräi Leit. Jiddwéere wielt. Et ass e geheime Vote, dat weess ech. Ech wéll awer deenen

5. Office social:

a) budget rectifié 2010; décision

b) nomination des membres du conseil d'administration; décision

Mir kéimen dann zu Punkt 5 den Office social, Madame Spautz.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Jo, Merci. Deen ass an zwee Punkten agedeelt, eemol de Budget an zweetens d'Wahl vum neie Conseil d'administration fir den Office social. Et ass déi leschte Kéier, datt lech de Budget esou virläit. Dir wësst datt mer d'nächst Joer 2011 mam neie Gesetz wäerten e Budget maachen no der Comptabilité commerciale. Hei geet et ém de Rectifié dee mer musse stëmme wou mer an de Recettë 5.478.116 Euro hu par rapport zu Dépensë vu 4.447.753,68 Euro. Ech wéll lech soen, datt de Subsid vun der Gemeng d'est Joer an dem Office social 3.010.000 Euro betrëfft. Dee wäert net erofgoen an den nächste joeren. Dee geet ganz sécher an d'Luucht. Mir müssen och scho méi fir d'nächst Joer aschreiwen. An ech wollt lech soen, datt am Kont vun 2009 de Mali vun 1.026.092,52 Euro sech erëmfannen an dem Rectifié. Ech wollt lech awer och drop hiweisen, datt mer wat eis Clienten ugeet, op den Dag bis gëschter an derselwechter Statistik leie wéi elo déi lescht zwee joeren. Et waren op den Dag vu gëschter 1.190 Clienten. Do sinn d'Visiten elo nach net dobäi gezielt.

Mir kréien haut och déi nei Konventioun vum Ministère geschéckt. Wéi gesot mer leien am Countdown datt den 1., déi aner Säit, den nächste Mount den 1. déi aner Säit bei dem Office social alles besser leeft. Mir wäerten d'nächst Joer domatter massiv nach mat der Zuel an d'Luucht goe vun de Clienten. Dat ass elo scho viraus ze gesinn. Héije Chômage, all déi Problematiken déi mer hunn. Bon, dat einfach als Hannergond wat de Budget ugeet. An elo d'nächst Woch, wann de Budget virgestallt gëtt, mir sinn amgaangen auszeréchnen da gesitt Dir och wéi héich de Subsid fir d'nächst Joer da fir den Office social ass.

Ech géif lech fir d'éischt bidden elo mol zum Budget zouzestëmmen an da komme mer herno jo op d'Wahl vum Conseil d'administration.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Et si keng Wuertmeldungen do. Da kenne mer direkt d'Ofstëmmung maachen.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker
– M. Félix Braz – Mme Mady Hannen
– Mme Annette Hildgen – M. Jean
Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia

allegueren elo scho Merci soen, an och dem Här Kolmesch fir déi Aarbecht déi si gemaach hunn. Et ass net evident dat doten ze schaukele bis d'nächst Joer. Also déi si souwisou nach mat dobäi. Déi aner huele mer och an enger Sitzung elo direkt mat eran, datt se wëssen ém wat et geet wa se starten den 1. Januar. Dat musse mer maachen.

Wat d'Ofstëmmung ugeet, hat de Sekretär mer gesot dat mer musse se eenzel ofstëmmen.

(Interruption)

Kënnt eppes drop stoen oder wéi?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Kënne mer dann net deen 1. wielen aus deenen 12 an dann deen 2. an da bis deen 7?

(Interruption)

Also mir hunn elo keng Wahlziedele préparéiert, ech géing dann hei proposéieren, dass mer op eisem Ziedel en Numm schreiwen an da kommen nach 6 Ziedelen duerno. Voilà.

Den Här Tonnar.

Schäffin Jean Tonnar (LSAP): Ech géif proposéieren, dass jiddweree 7 Nimm drop schreift an déi 7 Nimm ginn ausgezielt an dann ass et fäerdeg.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Dierfe mer dat?

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Solle mer dann den Här Espen mat dobäi huele vläicht fir d'Wahlziedelen herno?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Dierfe mer dat maachen?

(Interruption)

Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Ech dierf awer drun erënneren, dass mer bei de Schoulofstëmmungen och scho mol eng aner Prozedur haten an ech ka mer net virstellen, dass et hei elo solt e Problem gi wa mer hei 7 Nimm op eisen Ziedel schreiwe fir eis d'Saach ze vereinfachen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Allerdéngs. Här Baum.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Et ass genau datselwecht wéi dem Här Tonnar seng Propos.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Gutt. Da maache mer dat esou.

(Interruption)

Schäffie Félix Braz (DÉI GRÉNG): Selbstverständlich, näischt anescht gétt hei gemaach.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Ech proposéieren, dass mer eise Jurist huele fir dat auszeißen. Wann de Gemengesekretär dat vläicht wéilt veranlassen?

(Interruption)

Geet dat net? Musse mir dat maachen? Dierfe mer dat?

(Interruption)

Huet jiddweree säin Ziedel ausgefüllt? Här Gemengesekretär, kënne mir wann ech gelift eis Ziedelen ofginn?

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker
– M. Félix Braz – Mme Mady Hannen
– Mme Annette Hildgen – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal procède par vote secret et nomme les personnes suivantes au conseil d'administration de l'Office social:

Muller André, Stockhausen-Schroeder Antoinette, Ortolani Linda, Back John, Schmitt-Celli Christiane, Codello Daniel et Wohlfarth Everard.

6. CIGL-

a) solde budget 2009; décision

b) recettes 2010; décision

c) budget prévisionnel 2011; décision

Ech géing da proposéiere während ausgezielt gétt mer bei de Punkt 6 iwwerginn. Dat ass de CIGL, souwuel de Solde vum Budget 2009.

(Interruption)

Sou, mir kéimen da bei de Punkt 6 de CIGL an och hei eis Sozialschäffin, d'Madame Spautz.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Zum CIGL dann, et geet virun allem ém eng Saach. Dir hutt de Budget vun 2011 schonn dra leien. Dee kénnt elo souwisou mat an eise grousse Budget era vum nächste Joer. Do gesitt Dir einfach ém wat et geet, och bei deem Bréif. Déi Escher Gemeng huet zesumme mat dem Escher CIGL an hirer Heemelmäus wéi dat heesch, d'Cräche Heemelmäus, eng Kooperatioun ass se agaange fir datt se eis Kanner vun eiser Lëscht aus dem Brillquartier ewechhuele fir an der Mëttesstonn kënnen do z'iessen. Si hu souwisou hir Garderie do an hunn elo doraus eng Maison Relais mat eis an Zesummenaarbecht och mam Ministère de la Famille gemaach, hunn déi agericht a si iwwerhuelen zwësche 35 a 40 Kanner an der Mëttesstonn, wou dann d'Gemeng och an eiser Kichen, wou mir am Brill mat kachen, a wou si se kënnen opfänken. Dat ass eng riesen Erlichterung an deem Quartier, well dat einfach esou e ganz décken Drockquartier ass, mir hunn zwou Maisons Relais do, hunn nach émmer Kanner op der Waardelëscht vum Zentrum, an dat heiten helleft eis enorm. An ech muss och do soen, datt et eng flott Zesummenaarbecht war dat mat hinnen zesummen ze maachen. Iwwregens gétt déi offiziell elo en Dënschdeg agewiit. Et ass eng offiziell Ouverture elo en Dënschdeg.

Schäffie Félix Braz (DÉI GRÉNG): Just eng kleng Remarque. Ech menge mer mussen nach eng Kéier frësch ofstëmmen. Mir mussen de Vote widderhuelen, mir hunn zwee Müller op där Lëscht an et hu ganz vill Leit Müller geschriwwen ouni ze soe wéi ee Virnumm. Do fale ganz vill Voten ewech. Dat wär net fair. Et deet mer leed. Mä ech mengen, gitt nach eng Kéier d'Ziedele ronderëm a fält se nach eng Kéier aus. An déi déi e Müller wëlle wielen, mussen drun denken de Virnumm dobäi ze schreiwen, well mir hunn ausser engem Ziedel néierens Virnumm.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Si Wuertmeldungen do zum Punkt 6, zum Budget vum CIGL? Kënne mer da wann ech gelift de Punkt 6 en bloc ofstëmmen?

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Moment, ech sinn nach net fäerdeg mat schwätzen zum Punkt 6.

8. Questions du personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): En-tschëlllegt Madame Spautz. A mir hunn och eng Wuertmeldung vum Här Baum.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Ech wëll ofschléissend just soen, datt mer déi Maison Relais do gemeinsam mat hinne maachen an dofir freet de CIGL datt mer hinnen d'Recetten, de Solde vun 2009 + d'Recettë vun 2010 iwwerloossen. Wat net déi éischte Kéier ass, datt mer dat maachen. Mir hunn et émmer fir ganz konkret Projete gemaach. Ënner anerem fir d'Vélosstatione schonn, dës Kéier da fir d'Mataricht vun der Maison Relais an ech géif do bidden, datt Dir deem géift zoustëmmen. Wat déi ganz Aktivitéiten dann ugeet vun 2010 mat de Projete vun 2011 kënnst och d'nächst joer alles dann hei an de Gemengerot eran.

Ech wéilt op jidde Fall all deenen déi an deem Projet hei bedeelegt waren e grousse Merci soen, och dem CIGL, och dem President Wohlfarth doranner fir dat Ganzt opzebauen, well et war net evident. Et ass en neie Raum dee komplett nei agericht ginn ass an huet missten émgebaut ginn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Merci, Madame Spautz. Den Här Baum.

Marc Baum (DÉI LÉNIK): Merci och der Madame Spautz. Ech hu just eng Fro oder eng Suggestioune, also ech wäert dat do natierlech mat votéieren, eng Fro an eng Suggestioune. Wat d'Recettë vun 2010 uginn, wat dat bedeut? Wéi héich déi sinn, ginn heirausser net envir. Vlächt wann Dir do kéint eng Informatioune ginn. Dat ass dat eent.

An dat anert ass méi eng princiell Fro. Ob et wierklech d'Aufgab ass vum CIGL fir eng Maison Relais opzemaachen, ob do d'Gemeng net besser hätt selwer direkt d'Maison Relais opzemaachen. Notamment wann ee gesäit – well et jo eppes mat Kohärenz ze dinn huet, och Kohärenz mat engem Pacte d'intégration zum Beispill – datt et drëm geet datt d'Gemeng och ka Servicer ubidden. An duerfir d'Fro ob et net besser gewiescht wier wann d'Gemeng dat direkt selwer gemaach hätt amplaz et un de CIGL auszelageren.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Sinn nach aner Wuertmeldungen do? Madame Spautz.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Wat d'Recettë vun 2010 ugeet, sinn dat ongefëier 27.000, 28.000 Euro, den definitiven Ofschluss kënnst.

Wat déi Bemerkung ugeet, mir hunn émmer hei zu Esch gesot mir géifen eis Maisons Relais eleng énner Gemengenhand maachen. Dat hu mer émmer gesot. Maache mer och. Hei ass et esou, datt mer jo de CIGL scho joerelaang och énnerstëtzen an der ganzer Problematik wat de Chômage ugeet an enger ganzer Rei aner Projeten déi si och maachen. A si hunn déi Garderie, dee Foyer du jour, war et am Fong geholl, Garderie, hate se bestoen an haten d'Méiglechkeet niewendrun en aner Lokal ze kréien an hu scho punktuell Kanner vun eis geholl. Awer dat ass ni gutt gaangen, well et als Foyer du jour geduecht war. A well net do konnt gekacht ginn. Dofir si mer eis hei an där Kollaboratioun eens gi mateneen. D'Gemeng huet do natierlech hiert Soe mat a mir huuelen déi Equipe och elo scho mat an eis pädagogesch Equipe era wou mir déi Planunge maache vun Aktivitéiten. An d'Garderie gëtt gehalen. Kënnst nach mat dobäi. D'Garderie gëtt awer nach gehalen. Dat heescht hei ass wierklech och esou eng Entlaaschtung. Dir wësst dass duerch d'Aférierung vun de Chèques services d'Lëschten nach eng Kéier enorm an d'Luucht gaange sinn. An dee Quartier Brill ass einfach dee wou mer am meeschte Problematik hu vun Elteren déi total onregelméisseg Aarbechtszäiten hunn. Wou et wierklech schwierig ass an dowéinst ass dat eis eng Hëllef. Also et ass énnert dem ganz kloere wachsamen Auge vun der Gemeng mat dem Här Wohlfarth zesummen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Merci fir dés Explikatiounen, Madame Spautz. Da kéinte mer, wann Dir d'accord sidd, de Punkt 6 en bloc ofstëmmen.

de l'exercice 2009 au montant de € 9.527,82 afin de leur permettre de reinvestir dans de nouveaux projets.

Conseillers présents:

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker
– M. Félix Braz – Mme Mady Hannen
– Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

Le Conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le budget prévisionnel 2011 présenté par le Centre d'Initiative et de Gestion Local.

8. Questions du personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision

Mir hunn elo zwee Membere vum Schäfferot déi intensiv domat befaasst si fir d'Auszielung ze maachen, esou dass ech lech géif proposéieren, dass mer de Punkt 8 mat de Personalfroen elo huuelen an dann hemo de Punkt 7. Här Personalschäffen.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci. Da komme mer zum Punkt 8 mat de Froen déi an der Séance publique traitéiert ginn. Do hu mer als éischt eng Création de poste vun engem Chef de réseau an dem Beräich vun de Piscines municipales. Mir hate bis elo eng Piscine municipale. Mir hunn elo eng zweet nei a mer sinn amgaang eng drëtt nei mat enger ganz komplexer Technik och en place ze setzen. D'Nonnewiseschoul déi dann zwee Basengen huet. Mir hunn en Expéditionnaire technique dee sech ém den technesche Volet bekëmmert a mer mengen déi soltten och déi dräi Technike surveillière vun enger zentraler Plaz aus an zwar vun dem Kär vun de Bains municipaux. An dofir wollte mer proposéieren e Chef de réseau an der Carrière vum Expéditionnaire technique do ze créerieren. Et ass do wuel eng Remarque vun der Delegatioun komm, et eigentlech och nach en zweete misst komme well mer déiselwecht Logik bei de Schwammmeeschteren hunn. Mir mengen éischter dass ee méttefristeg dat soll mat engem gesinn, well een, deen éischten deen do ass deen iergendwann eng Kéier an d'Pensioun geet, an da

Conseillers présents:

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker
– M. Félix Braz – Mme Mady Hannen
– Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

Le Conseil communal décide à l'unanimité d'accorder au Centre d'Initiative et de Gestion Local le solde de la subvention communale

mer dann deeselwechte Poste vum Chef de réseau mat engem duerno besetzen, well eis Schwammmeeschteren och all déi Technik vu Waasseropbereedung geléiert hunn.

Dann hu mer als zweet e Poste vum Redakter ze créiereren, awer gläichzäiteg een ze suppriméieren als Expéditionnaire administratif am Biergeramt. Dir kënnst lech erënneren, dass mer am Biergeramt, wéi mer d'Biergeramt créieret hunn, eigentlech mat der Logik et créieret hu fir alles redaktesch Posten do ze maachen. Mer haten awer deemools breet ausgeschriwwen well mer wollte mat engagierte Leit déi wollten an d'Biergeramt schaffe goen, démarréieren a mer suppriméieren elo successiv all déi Posten, well mer se mat Redaktere remplaceéieren.

Drëtt Question du personnel ass d'Création vun engem zweete Garde champêtre. Mir hunn de Moment relativ vill Misère an eise Cités Jardinières an alles wat do ronderém ass, eise Garde champêtre huet en plus e gewëssen Alter. Mir hunn e Rapport vun der Forstverwaltung kritt, dass an eise Cités Jardinières net alles esou géing lafe wéi dat ideal soll sinn. Ënner anerem wat dat baulescht, wat d'Ëmwelt ugeet, och wat d'Tenue des animaux ugeet an dofir hu mer e Groupe de travail intern agesat deen amgaang ass énnert der Autoritéit vun der Madame Bischoff déi Geometer ass an énnert der Tutelle vun de Biens communaux fir dat ze regulariséieren an do si mer zur Konklusioun komm, dass mer wéinstens temporär, temporär zwee Gardes champêtre brauchen, well et och e bësse kriddeleg ass heiansdo fir een eleng dohin ze goen. An duerfir proposéiere mer dann en zweete Garde champêtre fir do wierklech eng Opération propreté an de Régularisation vu ganz ville verschiddene Situationen ze maachen, fir net dass eis Cités Jardinières lues a lues zu Zones de non-droit ginn.

Als drëtt hu mer dann eng Prolongation de stage vum Här Jeff Rosseljong ze stëmmen, wou den Examen net konnt stattfannen.

Als lescht eng Modifikatioun vun engem Kontrakt deen op 40/40tel gehuewe gëtt vun der Madame Tessy Wilhelm, Educatrice an eise Structures socio-éducatives.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Ech gesi keng Wuertmeldungen, dach den Här Baum.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Jo, just ganz kuerz zu der Crédation vun deem Poste vum zweete Garde champêtre. Ech kann deem zoustëmmen, awer wierklech just énner der Konditioun dass et eng temporär Solutioun ass déi da wahrscheinlech an zwee Joer och erém zu enger Supressioun vun engem vun deenen zwee Poste féiere wäert.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Absolut.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Mir hunn dat och esou gesinn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Këinne mer dann all déi elo virgedroe Personalfroen en bloc ofstëmmen? Jo, dat ass de Fall.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker
– M. Félix Braz – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaelring – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil communal accepte à l'unanimité les créations de postes d'un chef de réseau, d'un rédacteur et d'un garde champêtre.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker
– M. Félix Braz – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaelring – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil communal accepte à l'unanimité la prolongation de stage de M. Jeff Rosseljong.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker
– M. Félix Braz – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaelring – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil communal procède par vote secret et accepte à l'unanimité la modification du contrat d'engagement conclu avec Mme Tessy Wilhelm.

Ech géing dann engem vun eisen zwee Schäffen d'Wuert gi fir iwwert d'Nomination des membres du conseil d'administration vum Office social eis Opschluss ze ginn.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Majo, mir hate 16 Ziedelen. Dovu war 1 blanc an déi aner waren all gültig. Mir hu folgend Resultater. Mat 14 Stëmmen ass gewielt de Müller André, mat 13 Stockhausen-Schroeder Antoinette, mat 12 Linda Ortolani, mat 11 Schmit-Celli Christiane a John Back, a mat 10 Stëmmen Daniel Codello an Everard Wohlfarth.

Vu dass déi 7 Kandidaten do eng Majoritéit och vun de Stëmme kritt hunn, brauche mer kee weidere Wahlgang ze maache fir ze bestätigen. Si sinn domat alle 7 nominéiert fir den Office social.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Merci, Här Braz an Här Tonnar, fir dës Aarbecht.

7. Règlement d'ordre intérieur du conseil communal; décision

Da kéime mer elo zum provisoresh zréckgestallte Punkt 7, de Règlement d'ordre intérieur vum Conseil communal. Hei waren e puer Membere vum Schäfferot am Groupe de travail vertrueden an ech géing proposéieren, dass den Här Braz d'Aarbechte resüméiert.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Ech kann dat och ganz kuerz maachen, Madame Buergermeeschter. Mir hate jo den Aarbeitsgrupp agesat wou sämtlech Sensibilitéiten hei am Gemengerot och vertrueden waren an d'Aarbeitsregel an deem Groupe de travail war de Konsens. Et ass also net ofgestëmmt ginn. Et si keng majoritär Voté geholl ginn. Dat Dokument wat mer zréckbehalen hunn dréit also de Stempel vum Konsens téscht all de Sensibilitéiten hei am Gemengerot. Do huet mol eng Kéier deen een e bëssen noginn, mol eng Kéier deen anerer, esou wéi dat ass wann een e Konsens sicht. Mä ech menge fir kennen ze soe fir all déi do mat dobäi waren, dass mer mengen ech eng gutt Aarbecht gemaach hunn an dass mer mat deem neie Reglement eis en Dokument ginn hu wat

7. Règlement d'ordre intérieur du conseil communal; décision

engersäits selbstverständlich dem Gesetz muss entsprechen – mir können am Reglement näischt maache wat géint d'Gesetz géing goen – wat awer och, ech soe mol, der Escher Tradition Rechnung dréit. Mir hunn op enger ganzer Rei vu Punkten drop verzicht Saachen an d'Reglement ze schreiwen oder ze präziséieren aus der einfacher Erkenntnis eraus, dass dat an de leschte Joren hei zu Esch och ouni Text ganz gutt fonctionnéiert huet. Dass dat also e bëssen déi Escher politesch Kultur war, esou dass mer dat net och nach elo wëllen an e Reglement festschreiwen. Well d'Zil war et jo net e méiglechst laangt Reglement ze schreiwen, mä d'Zil war am Fong e Reglement ze produzéiere wat herno am Alldag wierklech kann ugewannnt ginn, wat kuerz genuch a verständlech genuch ass, dass et benotzt gëtt. A wat net, soen ech mol, mat engem Geesch vun Ënnerstellung redigéiert ginn ass, wou een émmer deenen aneren – d'Opposition der Majoritéit oder d'Majoritéit der Opposition – géing Ënnerstellung maache géint déi ee sech am Reglement misst prophylaktesch wieren. Dat war net de Geesch vun der Aarbecht. De Geesch vun der Aarbecht war deen dee mer déi lescht 10, 12 Joer am Escher Gemengerot kenne wou probéiert gëtt korrekt mateneen émzesprangen. An dat fénnt sech eben och dofir am Reglement erém, dass mer keen ultra laangt Reglement wollte schreiwe wat alles géing präziséieren, mä wou op enger ganzer Rei vu Punkten einfach, ech mengen de gudde Welle viraus gesat gëtt, vu jiddwer Member vum Gemengerot a vu jiddwer Member vum Schäfferot.

Zu der Presentatioun vum Dokument. Wann Dir Äert Dokument kuckt, do sinn en Faite 3 Dokumenter dran. Dat ass elo vlächt e bësse verwirrend fir déi déi et haut entdecken. Duerfir erklären ech kuerz wat dat ass. Dat éischt Dokument, de sougenannten Texte coordonné, dat ass den Text deen herno all Conseiller an och d'Press ka kréien, deen à la fois d'Artikel vum eisem Règlement d'ordre interne beinhalt an och eng ganz Rei Artikelen aus dem Gesetz. Dann huet een an engem Text koordinéiert alles wat hei zu Esch gëllt, sief et dass et aus dem Gesetz kënnt, sief et dass et aus dem Règlement d'ordre interne kënnt. En Texte coordonné mat deem licht ze schaffen ass.

Dat zweet Dokument ass en Faite dat wat mir als Escher Conseil haut zum Vote stellen. Dat sinn déi Artikelen déi iwwert dat eraus ginn

wat am Gesetz steet. Dat ass also déi eegen Aarbecht hei vun eisem Aarbeitsgrupp basierend op dat bestoend Reglement. Mir hu jo schonn e Règlement d'ordre interne hei zu Esch. Dat ass jo net nei. Mir hunn dat iwwerschafft, och op Grond vun enger Viraarbecht ech wëll dat awer och net onewähnt loessen, vum Conseil Codello a vun eisem Gemengesekretär, déi och en Draft-Dokument préparéiert hate wat d'Aarbechte vum Aarbeitsgrupp alimentéiert huet. A wéi gesot deen zweeten Text ass dat wat mir haut stëmmen. Dat ass reng Escher Produktioun. Mir ginn natierlech net hin Artikelen aus dem Gesetz och hei nach eng Kéier zum Vote stellen. Dat huet kee Senn. D'Gesetz ass en vigueur, ob mir et hei an engem Reglement bestätigen oder net, dofir maache mer een Text, dat ass deen dee bei den Interieur geet. Dat aanert geet net bei den Interieur pour approbation, dat brauch et net. Dat ass eng eegen Décisioun vum Escher Gemengerot. Dat heescht dat ass deen Text dee mir aus eegener Produktioun eraus haut ofstëmmen.

An deen drëtten Text an Ärem klengen Dokument dee weist nach eng Kéier a rouder Faarf wat geännert huet par rapport zum bestoenden. Dat erklärt déi dräi Dokumenter. Mä dat wichtigst haut ass dat métte Stéck. Dat sinn déi eegen Escher Artikelen déi mir zum Vote stellen.

Och nach ee Wuert zu der Methodologie. Mir hunn net wëllen am bestoende Reglement einfach Artikelen ännern, déi een herno hätt musse mühsam erém zesumme peche goen. Mir hu gesot, komm mir maachen einfach en neit Reglement wou et mat engem Vote op den Dag vun haut aktualiséiert ass. Domat ass dat aalt ofgeschaافت an dat neit gëtt en vigueur soubal de Schäfferot et promulgéiert huet. Da gëtt et keen Duercherneen an de Versiounen. Et gëtt just déi Versioun déi mer haut stëmmen. A wéi gesot eist Sekretariat an eise Jurist, deen eis och dobäi gehollef huet, hunn en Texte coordonné gemaach. Dat ass dat éischt wat Dir hutt. Dat ass dee mat deem Dir an Zukunft wäert schaffen. Do stinn dann à la fois Article vum Escher Reglement an och Article vum Gesetz an enger logescher Reieffleg. Dann huet een am Fong an engem Dokument e Vademecum wou komplett ass fir all Member vum Gemengen- a vum Schäfferot an eben och fir d'Press. Dat zu der Method.

Ech erspueren lech elo déi Ännerungen déi mer gemaach hunn, well et sinn der awer relativ vill. Ech menge soss si mer eng relativ laang Weilchen amgaang. Mä Dir erkennt se an Ärem Dokument, den drëtte Volet. Ech wëll da just vlächt zwee, dräi eraussträichen. Dass mer zum Beispill aschreiwen dass an Zukunft hei an der Escher Gemeng no all de Wahlen an och während der Mandatsperiod sollen Efforte gemaach ginn an der Formation vun de Leit aus dem Gemengerot. Net jiddwereen deen déi éischté Kéier gewielt gëtt, kennt direkt déi ganz Legislatioun déi et a kommunaler Matière gëtt. Do muss ee sech eraschaffen. An d'Gemeng soll an eisem Verständnis dobäi en aktive Roll spille bei der Formation vun de Leit.

Mir hu bei den Initiativrechter vun de Conseillere kenne mer an Zukunft engersäits d'Fro wéi se am Gesetz och besteht, a mat engem generellen Terme d'Proposition de décision. Mir hunn och do keng Zäitlimiten am Droit de parole ageschriwwen. Mir hunn dat néierens, ausser beim Budget, dat heescht mir bleiben och, dat ass e gutt Beispill géif ech soen, mir bauen op d'Traditioun hei vum Escher Conseil op. Am Prinzip ass d'Riedezäit net beschränkt. Dat huet jo och nach ni wierklech fir groussaarteg Problemer gesuergt. Et ass méi wann een den Ordre du jour iwwerlueden huet, dass et ze laang gedauert huet. Et war eigentlech ni e Problem well deen een oder dat anert ze laang geschwat hätt, duerfir hu mer och dat elo net wëlle limitéieren. Et bleibt jiddwerengem iwwerlooss seng egee Verantwortung do ze iwwerhuelen a mat vernünftege Bäitrag hei d'Debatt ze alimentéieren.

Mir schafen d'Motioun vun der Sensibilité politique. Déi beschreiwe mer och. Mir hu bewosst op deen Terme Sensibilité politique gewielt, an net Grupp oder eppes anesch, well mir wollte wierklech jiddwereen erfaassen, och déi déi just ee Member am Gemengerot hunn a mir wollten och do minimal Rechter fir all Sensibilitéit am Reglement hunn an net esou minimal Vertriedunge mat bestëmmte Rechter nëmmen versinn. Mä mir wollten do bewosst e Schrott méi demokratesch sinn.

Bon, just déi doten dräi. Dat schéngé mer elo méi déi méi wichteg ze sinn. Dir wäert déi aner och kennen am Detail noliesen. Och wat de Bulletin betréfft an esou weider. Do hu mer eng Rei Verbesserungen. Wéi gesot, ech ka just all deene Merci soen déi mat um

Reglement geschafft hunn. Kollegen aus dem Gemengerot, dat war den Här Jaerling, dat war den Här Baum, dat war den Här Codello, dat war den Här Tonnar, dat war den Här Maroldt, dat war den Här Knaff, deen haut entschëllegt ass, an ech selwer a vun der Gemeng eise Sekretär, den Här Clement an de Jurist, den Här Espen. A wéi gesot, ech menge mir hätten eng gutt Aarbecht do gemaach. Et ass sécher net dat lescht Wuert. Et können émmer nach Ännernungen an den nächste Joeren erém dobäi kommen. Mä en attendant hu mer e gudden Outil de travail eis selwer ginn, mat engem gudden demokratesche Geescht an ech mengen dat steet eis gutt zu Gesücht a wann anerer sech wëllen drun inspiréieren, fuert némmen duer.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Gutt, ech mengen dat war ganz explizit. Zwou Wuertmeldungen. Den Här Baum, den Här Jaerling.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Jo, Merci, Här Braz fir d'Duerstellung. Ech wéilt just ganz kuerz awer nach ervirhiewen, datt et eng Initiativ vum Här Codello war, deen den Text proposéiert huet, deen d'Grondlag geschaffen huet zu deenen Diskussiounen déi mer haten. Ech ginn och net méi op déi eenzel Saachen an. Ech ginn dem Här Braz Recht, ech mengen datt mer op e richtege Wee gaange si fir verschidde Prozesser méi transparent ze maachen an och méi demokratesch novollzéibar. Et gi verschidde Facilitéiten déi een elo als Gemengerot huet oder kann hunn déi ee virdrun net hat. An ech mengen, datt dat wierklech eppes ass wou sech aner Gemengen duerhaus kéinteng eng Scheif dovunner ofschneiden.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Baum. Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Merci, ech mengen ech ka mech némmen deem uschléisse wat den Här Baum gesot huet. Wat wichteg ass, dat ass dass mer déi Flexibilitéit déi mer hei kann hunn an der Zesummenaarbecht, ech mengen dat soll een als Oppositioun awer och mol eng Kéier ervirsträichen, dass mer och an deem Senn eng exemplaresch Zesummenaarbecht hunn téschent Oppositioun a Majoritéit, wou mer ni déi Problemer haten déi verschidden aner Gemengen haten. Ech schwätzen awer elo iwver dës Majoritéit. Virdrun ass et jo eng ginn, do hate mer eng aner Zesummenaarbecht, do hate mer ee Schäffen als Zilscheif, deen hu mer elo net méi, elo schéisse mer op

se alleguer. Mä ech wëll awer soen, mer hu versicht alleguer zesummen an deem Reglement wierklech dat dran ze bréngen, dass mer kënne gutt zesumme schaffen. Zum Beispill hate mer d'Diskussioun iwwert d'Interpellatioun wou dra stoung dass d'Interpellatioun war eng Riedezäit dran, mä wat méi gelunge war, dat ass dass de Schäfferot konnt eng Interpellatioun ofleenen. Ech mengen dat war eng Diskussiounen wou mer gesot hunn, dat kann net sinn datt e Conseiller iergendeng Initiativ ergräift, dass de Schäfferot dat kann ofleenen. Do si mer zum Konsens komm wou den Här Braz elo gesot huet, dass mer einfach soe mir hunn nach just eng Aart vun Deliberatioun wou d'Riedezäit net beschränkt ass.

Et kann een natierlech och an engem Reglement net verhënneren, dass een oder deen anere Conseiller beschränkt ass, mä bon, dat ass eben esou am Liewen, mä op jidde Fall ass et wichteg dass déi Flexibilitéit déi mer haten, bestoe bliwwen ass, an dass mer mat deem Reglement do och an Zukunft kënne wierklech gutt zesumme schaffen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Jaerling. An nach eng Kéier e Merci un all déi déi hei sech bedeelegt hu fir dass mer e gutt Reglement zustane bruecht hu wou jiddweree sech dran erëmfénnt deen hei sëtz. Dat ass jo och eppes wäert. Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker
 – M. Félix Braz – Mme Mady Hannen
 – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal arrête à l'unanimité son nouveau règlement d'ordre intérieur.

9. Dénomination de rues; décision

Mir géingen da weiderfuere mam Punkt 9, dat ass d'Denominatioun vu Stroossen. Ech mengen hei wëllt eise Bauteschäffen eis Opschluss ginn iwver d'Hannergränn vun deem dote Choix.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci, mir haten décidéiert prinzipiell, ech mengen all zesummen, dass mer an den Nonnewise géinge versiche mat Nimm vu Wëssenschaftler ze fueren. Och e bëssen als Hommage un déi nei entstoend Universitéit. Et mussen och nei Stroosse genannt ginn. D'Propositioun déi virläit, déi och vun eiser Bautekommissioun positiv aviséiert ginn ass, ass dann eng Rue Louis Braille. Den Här Braille ass den Erfinder vum Système d'écriture tactile, also d'Blenneschréft. Hien huet gelieft vun 1809 – 1852. Dann d'Madame Sophie Germain, dat war eng vun deenen eischte Mathematikerin, autodidaktesch franséisch Mathematikerin. Si ass bekannt fir en Theorème deen hiren Numm dréit. Frot mech awer net wat fir een. An dann huet se och zesumme geschafft mam Carl Friedrich Gauß, d'Courbe de Gauss, dee ganz ville Leit och e Begréff ass, wéi se gelieft huet vu 1776 – 1831. Dann d'Florence Nightingale, déi Pionniéerin vun de moderne Soins infirmiers, de laizistesch organiséiert Soins infirmiers ass, déi d'Dame à la lampe genannt ginn ass. An dann als lescht Proposition de Blaise Pascal, Mathematiker, Physiker, Erfinder, dee vu 1623 – 1662 gelieft huet a mengen ech, dee mer regelméisseg aus der Meteo kenne vun den Hectopascal hir. Bon, dat sinn d'Propositiounen déi virleien a wou mer lech och géinge proposéieren deenen zouztemmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Madame Hildgen.

Annette Hildgen (CSV): Merci, Madame Buergermeeschter. Eng ganz konkret Fro. Mir hunn elo vum Schäffen Hinterscheid ganz genee erklärt kritt ween déi verschidde Leit sinn an ech menge mir wëssen et elo heibannen, mä dobausse si vill Leit déi hu keng blass Ahnung ween dat ass. Elo froen ech, kënt do énnen drënnner ganz kuerz stoen: Mathematiker oder Physiker a wéini datt se gelieft hunn. Datt d'Leit wéinstens e bësselchen eng Ahnung hu ween déi Leit eventuell kënnte gewiescht sinn? Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Madame Hildgen. Sinn nach weider Wuertmeldungen do? Dann äntwert de Bauteschäffen.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Ech mengen dat kann ee sécher maachen. Et kann een natierlech net de ganzen CV dropschreiwen. Et kann een awer drënnner schreiwen, Mathématicien, Physicien etc an

10. Commission consultatives: modifications; décision

ech mengen dat sollte mer maachen, mä mir hunn eis duerfir och e bësse méi d'Méi gemaach fir dat op haut elo am Detail opzezielen. Et ass da fir all déi Leit déi eisen Analyteschen regelméisseg liesen, wëssen dann elo ween déi Leit sinn a wëssen, dass da wa se d'Meteo lauschteren, dass eng Referenz dozou an eisen Nonnewisen ass mam Blaise Pascal. An den Infirmière brauche mer souwisou net ze erkläre ween d'Florence Nightingale ass.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Gutt, Merci, Här Hinterscheid. Mir géingen dann dës Proposition de dénomination de rues ofstëmmen.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker
– M. Félix Braz – Mme Mady Hannen
– Mme Annette Hildgen – M. Henri
Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly
Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M.
Roger Roller – Mme Vera Spautz – M.
Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M.
Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal décide à l'unanimité d'opérer les dénominations suivantes: rue Louis Braille, rue Sophie Germain, rue Florence Nightingale, rue Blaise Pascal.

10. Commission consultatives: modifications; décision

Mir géingen lech da beim Punkt 10 bieden den Ännertunge vun der LSAP an hire konsultative Gemengekommissiounen är Zoustëmmung ze ginn. Dat maache mer iwwer Vote secret.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker
– M. Félix Braz – Mme Mady Hannen
– Mme Annette Hildgen – M. Henri
Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly
Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M.
Roger Roller – Mme Vera Spautz – M.
Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M.
Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal procède par vote secret et décide par 13 voix oui

et 2 bulletins blancs d'accepter les changements aux commissions consultatives.

11. Contrats de bail; décision

An ech géing da profitéieren direkt mat Punkt 11, de Contrats de bail weider ze fueren. An dat ass eis Sozial- a Logementsschäffin, d'Madame Spautz.

